N°2890
Entrée le 17.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.09.2025
Chambre des Députés





Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Wann Polizisten:innen aggresséiert oder beleidegt gi sinn, kënnen si am Dossier eng Remarque heizou maachen. Si sinn an esou Fäll dann och obligéiert, fir eng Plainte géint déi Persoun ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Plaintë goufen an de leschte 5 Joer no Aggressiounen oder Beleidegunge vu Polizisten:innen agereecht, opgeschlësselt no Kommissariat?
2. Wéinst wat fir enger Aart vun Aggressioun oder Beleidegunge goufen dës Plaintë gemaach? Kann de Minister eng detailléiert Opléschtung no Kategorie ginn (zum Beispill physesch Aggressioun, verbal Beleidegung, asw.)?
3. A wéi ville Fäll haten dës Plainten eng Suitte? Wat fir eng Suitte waren dat konkret?
4. Gëtt et eng statistesch Evolutioun iwwer dës Period ze observéieren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

CLEMENT Sven

Deputéierten